

Déi kleng Strooss

Am Abléck, wou ech mer de Pabeier rausleën, fir dës Geschicht ze schreiwen, kënnst dobaussen e ficht-kalen Owend op de Schlappen. Mä op méngem Schreifdësch steet eng heemlech Luucht, d'Feier am Kamäin duddert ënnert de Wandsteiss vun uewenrof, an an den Hänn hun ech en neien CD, deen ech gëschter matheem bruecht hun. Ech schreiw gär mat enger klenger Musék am Hannergrond; beim Feier a bei méngem schwaarze Kueder, denn nieft mer op der Fënster sëtzt an an d'Nuecht kuckt. Da kann dee ganze Krom dobausse mer eigentlech gestuel gin.

Um CD si Lidder vun de „Compagnons de la Chanson“, déi mech fréier begeeschtert hun. A wéi den Zoufall et sou wëllt, fannen ech e Lidd rëm, dat mer als Bouf vu véierzéng Joer well un d'Gemitt gaangen as. „Mes jeunes années“, heescht et, a wéi ech den Disk op där Plaz ulafe loosse, gët eng al Erënnerong fräi: un e klengt Muséksgeschäft um Hellege Geescht an un e klenge Stodent, deen d'Noute vun deem Lidd gäre gehat hätt, mä deen nët wousst wéi d'Lidd géing heeche en deen dem Här Hülsemann du aus dem Lidd vun de „pyrénées qui chantent au vent d'Espagne“ e puer Takt virgesongen huet.

Dat si well bal véierzéng Joer hir, an dee klenge Muséksbuttek as aus der Gaass verschwonne, duurch déi ech spéider nach sou dacks gaange sin. Deemols gouf et och schon dee klenge Buttek do, mat Schreifgeschir fir Grouss a Kleng. Ech weess nach, datt mir do als Septimaneer eisen „Tintentod“ kaaft hun, fir Feler a Flecken aus den Hefter ze zaubere an d'iwerschreiwen. Vill spéider hun ech hei méng „Stencil'en“ oder „Matritze“ kaaft; un e Fotokopierapparat huet nach kee geduecht.

An de sechzeger Jore sin ech d'Gässel rop an de Conservatoire getrëppelt, an déi al Musékschoul, an där gesongen a musizéiert, a ronderëm déi geheckt a gelaacht gouf. Seguer Nopeschgebaier waren e Stéck vun deem Liewen; aus den oppene Fënsteren hues d'eng Klarinett oder e Piano héieren, oder einfach d'Tounleder, déi op an of gesongen a gespillt gouf.

Seguer spéit owes war d'Gaass ni ganz verschlofen. D'Kasär war nobäi, an all zwou Stonnen sin e puer där Borschten erop bei de Palais marschéiert, fir d'Wuecht ofzeléisen. Nach haut, wann ech bis an den Nationalarchiv gin, denken ech un dat Jor, wéi ech an

deem Gebai „gemustert“ gouf, a wéi mir mat de Gamellen dee gepaweete Pad rof an d'Kiche gejhaut sin.

An de siwenzeger Joren hun ech direkt bei dem Hellege Geescht geschafft. An der Gaass war nach eng kleng Epicerie, wuer ech mer méng Zigarette siche goung. A bal sou eppes wéi en zweet Doheem war de Café „Bellevue“, nieft deem grouss Bam, do wou een iwwert de ganze Gronn gesäit a wou d'Touristen hir Biller man. Hannen am Café souz ech dacks ze schreiwen a sot mer ëmmer: Hei as déi schéinste Plaz aus der Stad, sou eng Aussicht gët et soss néierens.

Do souz de dann och mat der Freiesch; a beim ale Baam dobaussen hues de dénge Kanner eng éischte Kéier d'Virstied gewisen. Nieft dem Café stoung e grousst Gebai, eng fréier Dréckerei, mä lo hu lauter Familien dra gewonnen. D'Gaass hat nach Kanner, déi bis riwwer op d'Helleg-Geescht-Plaz lafe konnten, an d'Loft war voll lëtzebuerger a friemer Sprooch.

'T as well laang hir. 'T as alles anescht gin. Den ale Conservatoire gët elo e Museum; do wou d'Kanner aus der aler

Dréckerei gerolzt hun, sëtzt haut d'Direktion vun der Douane; d'Kasäre si verschwonne oder ëmgepraft, a „mäi“ Café mat där schéinster Fënsterplaz vun der Welt, huet een sech ënnert de Nol gerappt a fir sech ëmgebaut.

'T as vill méi schéi gin an der Gaass; se gouf restauréiert. Mä Kanner huet se keng méi; an och kee klenge Buttek, wou e jonke Stodent sech d'Noute vun „Mes jeunes années“ kafe kënn.

Mä d'Fra aus dem Buttek mam Schreifgeschir as nach do. Si as haut eng al Mimmchen, an heinsdo gesin ech se duurch de Buttek geeschteren, wann ech virun hirer Fënster stin. D'Mimmchen as eng vun deene leschten, déi blouf; hir Fassad gouf och nët restauréiert, hiirt Haus as eppes wéi eng Insel, op där soss bal alles ausgestuerwen as.

Mäin CD as ofgelaf. 'T gët roueg an der Stuff, ech muss gläich e Kuescht op d'Glaus leën. Ech wollt nach schreiwen, wat ech eigentlech mat den Erënnerongen un déi kleng Strooss wollt son. Mä ech mengen, ech brauch dat nët méi.

josy braun

